

E Bëschkierfecht a seng Paart hu fir Opreegung gesuergt



by Shari Pleimelding on 01/06/2021



Als roueg, natierlech an neutral Alternativ zum traditionellen Uert vun der leschter Rou, erliewen Bëschkierfechter am ganz Land eng ëmmer méi grouss Belëiftheet. Och zu Diddeleng gouf mam **Bëschkierfecht „Gehaansbiertg“** eng Plaz fir déi Verstuerwen ageriicht a mat enger net wierklech neutraler Päertchen equipéiert.

An engem **oppene Bréif** riicht sech **AHA Lëtzebuerg**, d'Allianz vun den Humanisten, Atheisten an Agnostiker Asbl, dofir un de Schaffen- a Gemengerot vun der Stad Diddeleng. An éischter Linn ënnersträiche si hir Zefriddenheet doriwwer, datt de Mënsch esou nees en Deel vun der Natur ka ginn. Si sinn houvreg, datt sech d'Oppenheet duerchsetzt an mat dëser Initiativ keng Glawensrichtung favoriséiert gëtt.

Ëmmer manner Mënschen hei am Land si reliéis agestallt, respektiv fille sech net méi enger bestëmmter Relioun zougehéier. E Bëschkierfecht ass esou déi ideal Alternativ, fir philosophesch a reliéis Grenzen ofzeschaffen, Fräiheet an Demokratie ze spieren.

Iwwerrascht war dofir net nëmmen d'Asbl, wou bemol eng metalle Paart mat Kräizer drop op dëser eigentlech neutraler Plaz virzefanne war. Dëst dominant reliéist Symbol bezitt sech allem op de Chrëschtentum – Fir vill Persounen, déi sech wéinst dem oppene Charakter fir den Diddelenger Bëschkierfecht entscheet hunn, huet sech dat wéi e Schlag an d'Gesicht ugefillt.

D'Stad huet schnell reagéiert, déi eigentlech Paart ewechgeholl a si duerch eng neutral Päertchen ersat. Ma, fir AHA Lëtzebuerg bleift d'Fro, wéi et zu dësem Mëssgeschéck konnt kommen. War et e Kommunikatiounsproblem, e Manktem u Sensibilitéit oder Opmierksamkeet? Wéi wëll een an Zukunft virgoen, datt Neutralitéit a Fräiheet net méi mat Féiss getrëppelt ginn?

An dësem Kader bitt d'Allianz vun den Humanisten, Atheisten an Agnostiker seng Hëllef un, falls de Besoin do wier d'Kollaborateuren a Saachen philosophesch a reliéis Inclusioun ze sensibiliséieren.

Den ganzen oppene Bréif fannt Dir [HEI](#).

Opmaacherbild: © Sq He / unsplash